PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:49, 13/08/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Uschloss vu menger parlamentarescher Fro n°2573 iwwert d'Summerresidenz vum Grand-Duc zu Cabasson wëll ech e puer Nofroe stellen zu der Roll vum Personal a vun der Police, déi d'Sécherheet vum Grand-Duc assuréiert. Ech präziséieren, datt et sech bei folgende Froen net ëm Detailer zu organisatoreschen oder sécherheetsrelevante Punkten handelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung garantéieren, datt d'Aarbechts– a Rouhzäite vun de Polizisten, Beamten an Employéen zu Cabasson respektéiert ginn an am Aklang mat de legalen Dispositiounen zu Lëtzebuerg sinn a kann d'Regierung ausschléissen, datt d'Personal zu Cabasson méi Stonne schaffe muss, wéi an de Gesetzer an a Gewerkschaftsaccorde festgehale sinn?

2. Wéi ee Status hunn d'Polizisten, déi de Grand-Duc zu Cabasson beschützen? Wéi sinn d'Pouvoire vun der Policeeskorte vum Grand-Duc zu Cabasson gereegelt? Anescht gefrot: däerfen d'Polizisten zu Cabasson Infraktioune feststellen an zum Beispill Leit festhuelen oder protokolléieren?

3. Des Weidere wëll ech wëssen, ob den Terrain zu Cabasson och bewaacht ass an ob Personal dohanne schafft, wann de Grand-Duc net do present ass?

4. Wéi eng Posten aus dem Staatsbudget si fir den Ënnerhalt vun der Residenz vum Grand-Duc zu Cabasson virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 24 août 2020

REÇU
Par Alff Christian , 11:06, 26/08/2020

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: **Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État et de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure à la question parlementaire n°2662 de l'honorable Député Marc GOERGEN au sujet du séjour de la Famille grand-ducale à Cabasson.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°2662 du 13 août 2020 de Monsieur le Député Marc GOERGEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

Réponse du Premier Ministre, Ministre d'État et du Ministre de la Sécurité intérieure à la question parlementaire n°2662 de Monsieur le Député Marc GOERGEN du 13 août 2020

Wéi an der Äntwert op déi parlamentaresch Ufro n°2661 indiquéiert ass d' « Tour Sarrazine » zu Cabasson am Privatbesëtz vun der Groussherzoglecher Famill.

Wéi an der Äntwert op déi parlamentaresch Ufro n°2573 indiquéiert ginn all Mesuren geholl, fir d'Sécherheet vum Staatschef z'assuréieren. Déi Agenten vun der Police grand-ducale, déi affectéiert sinn fir d'Protection rapprochée vum Staatschef zu all Moment z'assuréieren, maachen dat och zu Cabasson, an Ofsprooch mat de lokalen Autoritéiten. Sie ginn duerch zousätzlech lëtzebuerger Polizisten ënnerstëtzt. Si hu keng Polizeigewalt op franséischem Territoire. D'Effektiver, d'Relèven an d'Roulementen ginn no engem Plang opgestallt, deen déi erwähnten Aarbechts- a Rouzäiten respektéiert.

De Groussherzoglechen Haff huet d'Regierung informéiert, datt de Gardiennage an Entretien vun der Proprietéit während dem Joer vu local recrutéiertem Personal assuréiert gëtt, dat duerch d'Administration des Biens du Grand-Duc mat private Moyenen bezuelt gëtt. Dat ass och de Fall fir anert Personal, dat au besoin lokal recrutéiert gëtt.

Am Staatsbudget si keng Moyenen fir den Ënnerhalt vun der « Tour Sarrazine » virgesinn.